adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
28 JUIL. 2017
3178

Här Mars di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28. Juli 2017

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Educatiounsminister weiderzeleeden.

Dat neit Gesetz fir de Schoulsystem am Enseignement secondaire, huet esou munnech Ännerunge virgesinn. Ënnert anerem soll dëst neit Gesetz de Lycéeë méi Autonomie ginn. Déi zeechent sech natierlech duerch eng gewësse Selbstbestëmmung a -verwaltung aus. Allerdéngs stellt sech d'Fro, ob sech dës eventuell och op d'Auswiel an d'Beschafe vu Schoulbicher an anerem Léiermaterial auswierke wäert.

An deem Kontext hätt ech e puer Froen un den Här Minister:

1. Wat sinn d'Konsequenze vum neie Lycéesgesetz fir d'Auswiel vun de Schoulbicher an anerem Léiermaterial? Behalen d'Professeren oder d'Schoulen d'Méiglechkeet, déi Schoulbicher, déi si am Unterrecht benotze wëllen, selwer erauszesichen?
2. Bleift et beim aktuelle System, datt d'Schüler hir Schoulbicher an dat anert Léiermaterial an de Bicherbutteker, respektiv an de Papeterien, selwer kafen?
3. Denkt d'Regierung drun, zu iergend engem Zäitpunkt d'Bicher oder anert Schoulmaterial fir d'Lycéeë selwer zur Verfügung ze stellen? Wa jo, géing si dat dann iwwer d'Bicherbutteker hei am Land maachen an no wéi enge Modalitéiten?
4. Huet d'Regierung Kenntnesser doriwwer, wéi vill Prozent vum Ëmsaz vun de Bicherbutteker a wéi vill Aarbechtsplazen an deem Beräich hei am Land am direkten Zesummenhang mat der Schoulrentrée stinn?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire 22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745
ADR – Parti politique

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Luxembourg, le 29 septembre 2017

Monsieur le Président de la Chambre des Députés
19, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Réponse du Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse à la question parlementaire N° 3178 du Député Fernand Kartheiser

Ad 1)

Duerch dat neit Lycéesgesetz kréien d'Schoulen eng gewëssen Autonomie fir eng begrenzt Unzuel vu Wochestonnen.

Wat d'Schoulbicher fir den allgemengen Unterrecht ugeet, sou proposéiere weiderhin d'Programmkommissiounen d'Bicher fir déi Fächer, an all Enseignantë mussen déi Bicher an hire Coursë gebrauchen.

Wat déi nei Fächer ugeet, déi duerch d'Lycéesautonomie méiglech ginn, sou wäerten an Zukunft d'Lycéeën och beim Choix vun de Bicher an Aarbechtsmëttel eng méi grouss Autonomie kréien.

Ad 2 + 3)

Fir d'Schouljoer 2017/2018 bleift et beim aktuelle System, datt d'Schüler hir Schoulbicher an dat anert Léiermaterial selwer kafen. Fir 2018/2019 ass de Ministère am Gaangen eng Analyse ze maachen fir d'Aféierung vun de gratis Schoulbicher an de Lycéeën. Dobäi ass eng Viergab, dat d'Bicher och weiderhin sollen iwwert d'Librairen bezunn ginn, fir den Eenzelhandel nët zë schwächen. D'Modalitéiten sinn am Gaangen ausgeschafft zë ginn.

Ad 4)

D'Regierung steet a stännegem Kontakt mat de Librairen an ass sech duerchaus bewosst, datt de Marché vun de Schoulbicher fir si e groussen Deel vum Chiffre d'affaires ausmécht. Dofir gëtt och no Léisunge gesicht, déi d'Betriber net an Bedrängnis an d'Arbechtsplazen net a Gefor bréngen. An deem Zesummenhang gouf och dat lescht Joer mat hinnen zesummen en Internetsite zu de Schoulbicher ageriicht.

Claude Meisch
Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse